

---

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Verdeedegung & Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am September gouf eng NATO-Pipeline, déi de Findel mat Kerosin beliwwert, bei Maintenancearbeiten an Däitschland beschiedegt. Glécklecherweis ass de Schued relativ kleng bliwwen an et ass net zu Enkpäss an der Beliwwerung vu Kerosin fir de Findel komm. Och während der Iwwerschwemmungskatastroph am Joer 2021 war et bei der nämlecher Pipeline zu Problemer komm.

Eng weider Pipeline, déi de Findel fréier via Fréiseng-Moutfort beliwwert huet, ass viru Joren an der Lorraine beschiedegt ginn, ewéi Kuelegruewen zesumme gefall sinn a kann zënterdeem net méi genotzt ginn.

An dësen onsecheren Zeiten, Energieenkpäss an och de Krich an der Ukraine, misst Résilience och zu Lëtzebuerg méi grouss geschriwwe gin.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gétt d'Versuergung mat Kerosin um Findel aktuell sécher gestallt?  
Ass geplangt, fir d'Versuergung um Findel besser ofzesécheren? Falls jo, wéi?
2. Fir wéi vill Deeg huet de Findel Reserven u Kerosin?  
Wéi ass et an der Zukunft wann déi nei *Fuel-Farm* fäerdeg ass?
3. Huet de Minister Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten gefouert, fir dass den Deel vun der Pipeline, dee Fréiseng mat Frankräich verbënnt, erëm reparéiert gétt?  
Falls jo, wat ass bei deene Gespréicher erauskomm?  
Falls nee, firwat ass bis elo kee Suivi gemaach ginn?
4. Wieren d'NATO-Ufuerderungen (*military requirements*) um Findel garantéiert, am Fall wou eng Pann un der eenzeger Pipeline geschitt, déi Däitschland mat Lëtzebuerg verbënnt?
5. D'Pipeline, déi op de Findel féiert, kann net nëmme fir d'Liwwerung vu Kerosin, mee och fir aner

Produkte benotzt ginn, eventuell souguer, an enger noer Zukunft, e-Fuels. Kéint dës Pipeline eng Alternativ zum Transport mam Camion, Zuch oder Schëff fir Lëtzebuerg duerstellen?

Mat déiwem Respekt,

A thin vertical line used as a separator between the salutation and the name.

CLEMENT Sven  
Deputéierten